N°6281
Reçue le 27.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6281 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Am Oktober 2021 waren 36.417 Schoulkanner an engem Bildungs- a Betreiungservice fir Schoulkanner (fréier "Maison relais" genannt) ageschriwwen. Dës Servicer sinn entweder vun enger Gemeng, enger ASBL oder engem private Bedreiwer geréiert.

Ad 2)

D'Personal an de Bildungs- a Betreiungsservicer fir Schoulkanner gëtt vun ënnerschiddleche Gestionnairen agestallt. D'Zuele vum Personal ginn net zentral erfaasst.

Eng Ëmfro, déi Enn vum leschte Joer vum Service national de la jeunesse gemaach gouf, huet dës Zuelen erginn:

- Personal a Strukturen, déi ausschliisslech Schoulkanner encadréieren: 259 Strukturen, 2.983 Mataarbechter a Mataarbechterinnen.
- Personal a Strukturen, déi esouwuel Klengkanner wéi och Schoulkanner encadréieren: 83 Strukturen, 1.249 Mataarbechter a Mataarbechterinnen.

D'Zuele berouen op dem Personalstand vum 31. August 2021.

Ad 3)

Dem Ministère ass d'Opdeelung no Geschlecht an no Nationalitéit net bekannt.

Ad 4)

D'Reglement, dat d'Konditioune fir den Agrement vun de Bildungs- a Betreiungsstrukturen (SEA) festleet, gesäit vir, datt de Gestionnaire dat edukativt Personal esou zesummesetze muss, datt déi dräi offiziell Landessproochen, wéi am Gesetz vum 24 Februar 1984 virgesinn, verstan a geschwat ginn.

Ad 5)

D'Sproochekenntnisser ginn am Kader vun de Kontrolle vum Educatiounsministère gekuckt. Um Niveau vun der Agrementsdemande muss den Träger eng Attestatioun ënnerschreiwen, datt an senger Struktur d'Ufuerderungen, wat d'Sproochen ubelaangt, erfëllt sinn.

Ad 6)

Am Schoulkandberäich si keng weider sproochlech Qualifikatiounen gefrot, ausser wa Kanner encadréiert ginn, déi eligibel fir de Programme vun der “éducation plurilingue“ sinn. An dësem Fall muss, ënnert anerem, de Niveau C1 fir mindestens 40 Stonnen am Lëtzebuergeschen nogewise ginn.

Ad 7)

De Reglement vun 2005 deen d’Maison relais geschafen huet ass 2013 ersat ginn duerch e neie Reglement. Laut dësem neie Reglement gouf de Begrëff vun der Maison relais ersat duerch “service d’éducation et d’accueil”, woubäi de lëtzebuergesche Begrëff “Bildungs- a Betreiungsservice“ ass.

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH